



Lëtzebuenger **Guiden a Scouten**

Formatiounsmaterial an pädagogesch Kofferen

Reservatiounen lafen iwwert den Tom Lahr

Tel: 357645

Fax 26352166

GSM 691 835704

tom.lahr@lgs.lu



1. Animatiounskoffer

Herbarium	<p>Mam Herbarium kann een Planzen vergläichen an erkennen. --></p> <p>Mat Hëllef vun dësem Koffer kennen Kanner, Jugendlech, Chef, Cheftaine, ... sech intensiv mat den Planzen aus hirer Ëmgéigend ausenansetzen. Duerch Uleeën vun engem eegenen Herbarium kréien Kanner, Jugendlech, Chef, Cheftaine, ... no a no e Gefill no wat fir engen Kriterien Planzen an der Praxis bestëmmt ginn.</p> <p>(Alter ab 7 Joer, Dauer: verschidden)</p>
Outdoor-Spiller	<p>D' Outdoorspiller am Koffer, wéi z.B. Boule oder Indiaka, sinn beléiften Fräizäitsportarten, déi a groussen an a kléngen Gruppen gespilt kënne ginn. All noutwenneg Erklärungen zu den Spiller sinn am Koffer dran</p> <p>(Alter ab 6 Joer, Dauer: verschidden)</p>
Bësch-Geräisch-Spiller	<p>Gutt héieren kënnen ass déi wichtegst Viraussetzung fir esou grondleeënd Fäegkeeten, wéi z.B. schwätzen, liesen an schreiw ze léieren. --></p> <p>Dësen Koffer kann mat Hëllef vun akusteschen Reizer aus eiser Ëmwelt dozou bäidroen, d' Verständnis vum Héieren souwéi d' Schäerfen vun den Sënner ze fördern an nohalteg ze verbesseren. Nieft CD' en, op deenen Geräischer aus dem Bësch ze héieren sinn, gëtt et verschidden Bild-Kaarten mat Motiver vun Déieren an Naturhphänomener, déi d' Erkennen vun den ënnerschiddlechen Geräischer erliichter.</p> <p>(Alter ab 6 Joer, Dauer: ca. 1 Stonn)</p>
Fallschirm-Schwéngduch	<p>Dësen pädagogeschen Koffer kann een zur Oplockerung innerhalb vun enger anerer Aktivitéit asetzen. --></p> <p>Een besonneschen Virdeel vun de Spiller mat deem Material besteet doran, dass heibäi op een groussen Repertoire vun verschiddenen Spiller kann zeréck gegräff ginn an och problemlos e grouse Grupp domat kann animéiert ginn.</p> <p>(Alter ab 6 Joer, Dauer: ca. 45 Minuten)</p>
Mat Leem schaffen	<p>Aus Lehm ginn verschidden Géigestänn hiergestallt. --></p> <p>Mat einzelnen Techniken wéi z.B. „Wulst-, Platten- oder Kugeltechnik“, ginn ënnerschiddlech Saachen aus Lehm hiergestallt. Mat Lehm schaffen, an aus Lehm verschidden Géigestänn maachen ass eent vun den eelsten Handwierker, déi d'Mënscheet kennt. Des Aktivitéit kann een och gudd</p>



	<p>asetzen, wann een sech mam Vollek vun de Kelten oder mat dem Schluss vun der Steenzäit befaasst.</p> <p>(Alter ab 8 Joer, Dauer: ca 1 Stonn)</p>
Keltescht Nuetspill	<p>An dësem Nuetspill gëtt et dreems dass jidfereen, deen matmecht, als Grupp genuch „Rasenerz“ sammelt, fir Gebrauchsgéigestänn ze schmiden. --></p> <p>Et solle esou vill „Rasenerz“ als Grupp gesammelt ginn. fir dass een genuch Saachen schmiden kann, fir den Wanter als Grupp ze iwwerliewen. Bei dësem Spill gëtt et keen Gewënner oder Verléierer, an dowéinst gëtt d'Dynamik am Grupp grouss geschriwwen.</p> <p>(Alter: ab 8 Joer, Dauer: ca 1,5 Stonnen)</p>
Feiertechniken	<p>D' Kontroll vum Feier war e wichtege Schrëtt beim Entstoen vun mënschlecher Kultur an Zivilisatioun. --></p> <p>Mat Hëllef vun dësem pädagogeschen Koffer léieren d' Spiller verschidden Feiertechniken kennen an kënnen sech selwer am Feier maachen üben.</p> <p>(Alter: ab 8 Joer, Dauer: ca. 1 Stonn)</p>
Holz schnëtzen	<p>Mat Hëllef vun Balleisen, Bildhauerknëppelen oder Flaachholzeisen kënnen d' Spiller déi verschiddensten Holzschnëtztechniken --></p> <p>kenne léieren an éischt Versich an der Holzbearbechtung virhuelen. Jee nodeem, wéi vill Erfahrung an jee nodeem, wéi grouss den Grupp ass, entstinn esou kleng Holzarbechten, wéi z.B. Messer aus der Steenzäit oder Holzläffelen.</p> <p>(Alter; ab 12 Joer, Dauer: ca. 1,5 Stonnen)</p>
Liedersäckelcher maachen	<p>Lieder ass Haut vun Deieren di gegierft gouf an doduerch haltbar gemaach ginn ass. --></p> <p>D'Lieder gouf vun den Kelten an den Indianer schonns gebraucht. D'Kanner, resp. di Jugendlech maachen mat einfachem Geschir kleng Liedersäckelcher.</p> <p>(Alter: ab 6 Joer, Dauer: ca 1 Stonn)</p>
Insekten am Bësch	<p>Bei dësem Atelier léiert een déi enorm Vielfalt vun den Insekten kennen. --></p> <p>Insekten sinn fir d'Ökosystemer vun der Welt, wéi z.B. den Bësch, vun elementarer Bedeitung. An trotzdem ginn si bei der Opzielung vun den wichtigsten Organismen vun dësem Liewensraum oft vergiess. Dëse Workshop dréit dozou bäi,</p>



	<p>dass d'Kanner an di Jugendlech di enorm Vielfalt vun den Insekten erkennt. Mat Hëllef vun Bestëmmungsmaterialien, engem Becher-Lupenset an Kopéiervirlagen zum Zeechnen vun den Déieren kënnen si déi verschidden Aarten an hir Bedeitung fir Mënsch an Natur kenne léieren.</p> <p>(Alter: ab 8 Joer, Dauer: ca 1 Stonn)</p>
Spiller aus Naturmaterialien selwer maachen	<p>Vill vun deenen eis bekannten Briet- an Gesellschaftsspiller, wéi z.B. Millchen, Mikado oder Indiaka goufen schonn virun Urzäiten aus Naturmaterialien gemaach</p> <p>Mat Hëllef vun dësem pädagogeschen Koffer léieren d'Kanner an di Jugendlech, hiert eegent Geschécklechkeets- oder Gedoldspill ze maachen. Si kënnen esou och gesinn, dass vill Plastikspillsaachen aus dem Geschäft mat wéineg Opwand duerch selwer gebastelt, improviséiert, kreativ Spiller ersat kenne ginn.</p> <p>(Alter: ab 7 Joer, Dauer: ca. 1 Stonn)</p>
Specksteen	<p>Specksteen ass e Mineral, dat a ville Kulturen schonn zanter Jorhonnerten bekannt ass, a geholl gëtt, fir Skulpturen ze maachen --></p> <p>Well dëst Material ganz einfach ze verschaffen ass, kann d' Specksteenbearbeitung, bei där kleng Schmock- oder Gebrauchsgéigestänn entstinn, och vun Leit duerch geféiert ginn, déi nach keng Erfahrung op dem Gebitt vum Verschaffe vu Steng hunn.</p> <p>(Alter: ab 7 Joer, Dauer: 1 Stonn)</p>
Weltkugel fir op ze blozen	<p>Mat Hëllef vun enger oplosbarer Weltkugel kënnen d'Kanner an di Jugendlech op spilleresch Aart an Weis déi verschidden Länner op der Äerd kenne léieren. --></p> <p>Des Weideren ginn d'Geschécklechkeet an d'Teamfähgkeet vun den Matspiller gefördert. Ee besonnesche Virdeel vun dëser Aktivitéit besteet doran, dass dobäi op en breeden Repertoire vu verschiddene Spiller kann zeréck gegruff ginn. Och fir e grouse Grupp sinn des Spiller ideal.</p> <p>(Alter: ab 6 Joer, Dauer: verschidden)</p>
Déieren am Liewensraum "Bësch"	<p>Am Kader vun der Ausenansetzung mat dësem Koffer léieren d'Kanner an di Jugendlech d'Déieren am Erlebensraum Bësch besser kennen. --></p> <p>Dobäi ginn Loscht ob Abenteuer an Interessi gefördert, sou dass eng Bezéiung zur Ëmwelt hiergestallt kann ginn. Beim Beobachten vun verschiddenen Déieren aus dem Bësch,</p>



	<p>engem Déieren-Quiz an dem Erkennen vun Déierespueren kann dat perséinlecht Wëssen hei spilleresch agesat an erweidert ginn.</p> <p>(Alter: ab 6 Joer, Dauer: ënnerschiddlech)</p>
Kaart a Kompass	<p>Topographesch Kaarten a Kompass sinn bis haut wichteg Hëllefsmëttel, fir sech op frieme Plaazen erëm ze fannen. --></p> <p>Mat Hëllef vun dësem Koffer kann den Ëmgang mat engem Kompass trainéiert ginn. Ausserdeem gëtt et an deem Koffer verschidden Ureegungen, wéi een z.B. eng "Schatzsuche" oder eng Wanderung mat Hëllef vu Kaarta Kompass organiséiere kann. Duerch esou Aktivitéiten gëtt d' Verständnis fir topographesch Kaarten an d'Orientéierung verbessert.</p> <p>(Alter: ab ca. 8 Joer, Dauer: verschidden)</p>
Bëscherfahrungsspiller	<p>D'Zil vun Bëscherfahrungsspiller ass, dem Spiller d'Méiglechkeet ze ginn, d'Natur mat alle Sënner ze erliewen. --></p> <p>Am Koffer sinn vill verschidden Spiller, inklusiv d'Material, wat een dofir brauch, déi am Kader vun verschiddenen Aktivitéiten duerchgefouert kënnen ginn. Duerch dat direkt Erliewen vum Naturraum Bësch gëtt och nach den verantwortungsvollen Ëmgang mat der Natur gefördert, sou dass d'Memberen vun der Grupp hier eegen Méiglechkeeten zum Schutz vun Natur an Ëmwelt entdecken kënnen.</p> <p>(Alter: ab 6 Joer, Dauer: ënnerschiddlech)</p>
Rhythmus-Instrumenter	<p>Mat Hëllef vun Instrumenter, wéi Rasselen, Trommelen oder Klang-Hëlzer kann d' Gefill fir Rhythmus an d'Fähigkeit ze lauschten verbessert ginn. Nieft verschiddene Spilliddien kann d' Grupp op eng Auswiel vun den bekanntesten Rhythmusinstrumenter zeréck gräifen.</p> <p>(Alter: ab 5 Joer, Dauer: verschidden)</p>
Geschécklechkeetsspiller	<p>D' Geschécklechkeetsspiller aus dësem pädagogeschen Koffer, wéi Diabolo oder Bamboleo, sinn Spiller, déi eng besonnesch Reaktionsfähigkeit an / oder eng gutt, ausgeprägten Fäinmotorik verlaangen. An der Regel sinn si immens beléift, well hei den Éiergäiz vun all eenzelne Spiller gereizt gëtt, an d'Geschécklechkeet och net ze kurz kënnt.</p> <p>(Alter: ab 7 Joer, Dauer: verschidden)</p>



Outdoor-Puzzle	<p>Dat grousst Outdoor-Puzzle „Funtasi, Fantaséieren, Probéieren, Léieren“ kann an kleng Gruppen zesummen gesat ginn.</p> <p>Dës Aktivitéit fördert d'Teamfähegkeet vun de Kanner an de Jugendlechen. Ausserdeem kann dobäi d'Virstellungsverméigen an d'Motorik trainéiert ginn.</p> <p>(Alter: ab 7 Joer, Dauer: ca. 45 Minutten)</p>
Aktivitéiten am Waasser	<p>D'Waassersprézipistoulen, d'Schlauchbooter an d'Waasserrutsch kënnen besonnesch gutt am Kader vun engem Gruppenausflug zum Asaz kommen. --></p> <p>Ausserdeem eegnet sech dest Material fir vill aner Fräizäitaktivitéiten. Der Kreativitéit sinn dobäi keng Grenzen gesat.</p> <p>(Alter: ab 5 Joer, Dauer: verschidden)</p>
Natur erliewen mat allem Sënner	<p>Mat Hëllef vun dësem Koffer wëllen d' Ëmweltschutz-Organisatiounen „Mouvement Ecologique“ an d' Stëftung „Oeko-Fonds“ den Benotzer d' Méiglechkeet bidden, d' Natur mat alle Sënner ze erliewen. Mat Hëllef vun Naturerfahrungsspiller sollen Freed, Abenteuerloscht an Interessi erwächt ginn, sou dass eng Bezéiung zur Natur hiergestallt kann ginn.</p> <p>(Alter: ab 6 Joer, Dauer: verschidden)</p>
Volleyball	<p>Volleyball gehéiert zu deenen Ball-Sport-Aarten, déi vill Succès hunn.</p> <p>All d'Material, wat gebraucht gëtt (Bäll, Pompel, Volleyballnetz, Beschreibung vun de wichtegsten Spill-Regelen etc.) sinn am Koffer.</p> <p>(Alter: ab 8 Joer, Dauer: ënnerschiddlech)</p>
Brout baken	<p>Och haut ass Brout nach ëmmer eent vun eisen Grondliewensmëttel. D'Kanner an di Jugendlech hunn d'Méiglechkeet ze gesinn, wéi en Deeg fir en Naturbrout entsteet. Doduerch dass ee selwer e Brout mécht, ass et méi einfach, engem ze erklären wie fréier e Naturvolle gelieft huet. Et kann een och besser den Ëmgang mat den Liewensmëttel beschwätzen.</p> <p>(Alter: ab 6 Joer, Dauer: ca 1 Stonn)</p>



2. Formatioun' s-Koffer

D' METALOG-Method (Hypnosystemesch Schaffen mat Interaktiounsaufgaben)	Bei dësem Handbuch geet et ëm d' erfahrungorientéiert Léieren. --> Interaktiounsaufgaben ginn vir gestallt an den Opbau erkläert. Systemesch an hypnotherapeutesch Aspekter sinn doran integréiert. Titel: D' METALOG Method Auteur: Tobias Voss Brochéiert: 143 Säiten Verlag: Schilling (Dezember 2010) ISBN-103930816229
Feedbackronnen (zur Auswärtung vun Projeten, etc.)	Mat Hëllef vun dësen klengen Bildkaarten kënnen déi verschiddenst Themen behandelt ginn. --> Am Virdergrond stinn déi perséinlech Associatiounen, déi jiddereen zu deere Bildkärtchen mecht, déi en gewielt huet. Eegen Erfahrungen an Gefiller kommen op dës Weis vill méi liicht zur Sproch, well si esou individuell siichtbar gemaacht kënnen ginn. Emotion Cards 1 & 2 Inhalt: 50 Bildkaarten (Spiller: 1 bis 30 Persounen, Zäit: ca. 35 Min.)
Balltransport ("Wéi en réit Ee")	Aufgab vun der Grupp ass et, den Ball op engem Rang ze balancéieren an vun engem Punkt op deen nächste ze transportéieren. (Entfernung: 10 bis 50 Meter). Dobäi mussen weider Hindernisser iwwerwonnen ginn. Spiller mat verbonnen Aen däerfen d' Schnéier beréieren, mat deenen den Ball gedroen gëtt. Dobäi ginn si vun deenen Spiller u geleet déi gesinn an déi weder d' Schnouer nach déi aner Spiller vum Grupp beréieren däerfen. Fält den Ball erof, geet d' Übung nees vun vir lass. Materialien: 2 Holzplakken fir Start an Zil, Rang mat Schnéier, Holzkugelen, Ball, Aenbänner (Unzuel Spiller: ca. 4 bis 12 Persounen, Zäit: 10 bis 45 Min.)
Moderatiounskoffer	- Kommunikatiounskaarten an verschiddene Faarwen, Formen an Gréissten--> - Karteikaarten - Flipchart mat Marker, Pech (Pritt), Bic - Scotch, Pabeier, Schéier, Tesa-Krep, Cutter - Markéierungspunkten, Bläistëfter - Verschidden faarweg Pin-Nolen, Nolenkëssen - Permanentmarker, Spëtzer, Gummi - Magnéier, Pech (Pritt)
Tower of Power	An engem ofgetrennten Beräich, an deem een net däerf era goen, ginn d' Holzbléck willkürlech senkrecht opgestallt. --> Aufgab vun de Kanner/Jugendlechen ass et, déi verschidden Holzbléck mat Hëllef vum Metall-Kran openeen ze setzen an dobäi méiglechst all Bléck ze benotzen. Materialien: Holzbléck, Metall-Kran, Schnouer mat Kugelen (Spiller: 6 bis 24 Persounen, Zäit: ca. 10 bis 40 Min.)



<p>SysTEAMing („an Balance bleiwen“)</p>	<p>Ziel vun dësem Spill ass, dass d'Gruppen all d'Figuren vun der Dëschplack ofraumen. --> D'Plaque, déi op engem Sockel leit, muss am Gläichgewicht bleiwen an däerf net eroffalen. En Deel vum Grupp kritt d'Ae verbonnen an däerf d'Figuren upaken. Den aneren Deel vum Grupp den guidéiert de Grupp mat den verbonnen Aen. Däi Leit déi gesinn dierfen weder Figuren nach d'Leit, di net gesinn upaken. D'Spill ass fäerdeg wann keng Figur méi um Dësch steet. Material: Sockel, ronn Plack, Figuren an verschiddene Gréissten, Stoff, fir d'Aen ze verbannen (Spiller: 6 bis 12 Persounen, Zäit: ca. 20 bis 45 Min., ouni Auswärtung)</p>
--	--